N° 7150
Entrée le 13.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7150 vum 10. November 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

***Wéi dacks pendelt d'Linn K17 Moies an no Schoulschluss tëscht dem neien Arrêt um Bloen Eck an der Akerbauschoul hin an hir?***

D'Linn fiert nom aktuellen Fuerplang. Dat sinn zwee "Aller" mueres, an 7 "Retour" Mëttes tëschend 12:00 an 17:00. D'Horairen heizou fënnt een iwwert de Site "Mobilitéit.lu".

***Wéi vill Parkplaze stinn de Schüler um Bloen Eck zur Verfügung?***

De Schüler stinn 85 Stellplaze um Parking P+R Bloen Eck zur Verfügung.

***Huet dëse Bus genuch Kapazitéite fir d'Schüler, déi aus dem Zentrum an Oste vum Land an de LTA kommen, en charge ze huelen?***

Jo. D'Buskategorie gëtt jee no Besoin ugepasst.

***Géif een zousätzleche Pendeldéngscht agesat ginn, wann d'Zuel vun de Schüler, déi um Parking Bloen Eck halen, iwwer d'Kapazitéit vum Bus erausgeet?***

Jo. Eng Zousaazfahrt ka jee no Besoin organiséiert ginn.

***Wéi gedenkt den Här Minister d'Schüler, déi aus den Nord-Kantonen an de LTA kommen an déi op den Auto ugewise sinn respektiv net kënnen op de P+R Bloen Eck zréckgräifen, well dat en Ëmwee ass, entgéintzekommen? Goufen et do scho Gespréicher mat der Stad Dikrich fir eng Léisung ze fannen?***

Den P+R Bloen Eck befënnt sech 4,5 km vum Site vum LTA ewäsch. D'Schüler aus den Nord-Kantonen, déi op den Auto ugewise sinn, hu vun der Ackerbauschoul also knapp 3 Minutten weider ze fueren fir op de P+R, wat keen wesentlechen Ëmwee duerstellt. Den P+R Bloen Eck kann esou vun alle Schüler, déi op den Auto ugewise sinn an aus verschiddenste Richtunge kommen, ouni gréisseren Ëmwee ugefuer ginn.

***Ass d'Schülervertriedung vum LTA an d'Echangen iwwer d'Transportproblematik mat agebonne ginn?***

D'Diskussiounen iwwer d'Transportproblematik sinn haaptsächlech mat der Direktioun vun der Akerbauschoul oofgehalen ginn.

***Gëtt et schonn een Avant-projet fir dat neit Parkhaus, dat als Opfangparking fir Dikrech an Ëmgéigend, bei der Schwämm gebaut soll ginn?***

Den Ament gëtt et nach keen Avant-projet fir dat neit Parkhaus.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch